N°1117
Entrée le 20.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

Den Aarbechtsminister war de 14ten August Invité bei *RTL Radio*. Hei huet hien eng Rei Ablécker ginn, an d'Projeten, déi den Aarbechtsministère am Moment virun dreift, a seng Prioritéite präsentéiert. Et ass am Interview och ëm d'Thema 'Handicap op der Aarbechtsplaz' gaangen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Am Interview seet de Minister, datt sech vill Leit d'lescht Joer um spezifeschen *Jobday* fir Persoune mat Handicap vun der *Adem* gemellt haten.
   Wéi vill Persoune waren sech um *Jobday Handicap* vun der Adem virstelle komm?
   Wéi vill Persoune konnten no dësem *Jobday* eng Aarbechtsplaz ufänken?
   Ass ee weideren *Jobday* an deem Sënn fir dës Leit geplangt?

2. De Minister erkläert, datt säi Ministère mat der *Adem* géif dru schaffen, fir de Wee op den éischten Aarbechtsmaart fir Leit mat engem Handicap ze vereinfachen. Wéi soll dës Vereinfachung konkret ausgesinn?

3. Den Aarbechtsminister schwätzt am Interview mat *RTL* dovun, dass d'Formatioune fir Leit mat Handicap missten ausgebaut ginn. Um Terrain héiert een, datt d'Formatiounen net de gréisste Problem wieren, mee den Aménagement vun den Aarbechtsplaze leider géif ville Leit Weeër verspären. Wat wëll de Minister hei maachen?
   Wëssend, datt d'*Assistance à l'inclusion dans l'emploi* kaum genotzt gëtt, wéi d'Äntwert op d'Fro 6181 gewisen hat. Gëtt et hei mëttlerweil méi Patronen a Mataarbechter, déi vun dëser Assistance profitéiert hunn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten